Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Finanzminister, d'Madamm Minister fir Digitaliséierung an un den Här Minister fir d'Fonction publique weiderzeleeden.

D'Digitalisatioun an eiser Gesellschaft kritt eng ëmmer méi grouss a méi wäitreechend Roll. D'Benotze vum Boergeld kritt ëmmer nees nei Limitte gesat. Wann de Leit déi Méiglechkeet, fir mat Boergeld ze bezuelen, geholl gëtt, da kann dat gewëss Gefore mat sech bréngen awer och scho Problemer bei üblechen Verwaltungsgäng.

Wann ee säi Portmonni verléiert oder dëse geklaut kritt, ass dat éischt wat ee mécht, datt ee seng Bankkaarte späre léisst. Well een d'Carte d'identité an de Fürerschäin am Reegelfall am Portmonni mat sech dréit, muss een dës staatlech Dokumenter dann natierlech nei maache loossen. Wien dofir an d'Staat Lëtzebuerg bei den Accueil vu Guichet.lu an der Ënneschtgaass geet, dee kann dës staatlech Dokumenter net op der Plaz nei maache loossen, wann e just Boergeld huet an d'Bankkaarte gezwongenermoossen huet musse späre loossen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

1) Firwat kënnen déi besote Verwaltungsgäng, fir staatlech Dokumenter beim Accueil vu Guichet.lu unzefroen, net mat Boergeld bezuelt ginn?

2) Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Leit ëmmer sollen d'Méiglechkeet hunn, mat Boergeld ze bezuelen, ganz besonnesch och fir all déi staatlech a kommunal Verwaltungsgäng?

3) Wier et net méiglech, zousätzlech eng Ausnameprozedur ze schafen, fir dee Fall, wou een esou staatlech Dokumenter wéi d'Carte d'identité an de Fürerschäi verléiert oder geklaut kritt, déi et erlaabt, dës Dokumenter direkt ze erneieren awer se zu engem spéideren Zäitpunkt eréischt ze bezuelen?

Mat déiwem Respekt,

Schoos.

Alexandra Schoos
Deputéiert

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**